ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Fir d'Attraktivitéit vun eisen Duerf- a Stadbibliothéiken ze erhéijen, sinn an deene leschte Jore vill Propositioune vum Beruffsverband vun de Bibliothekäre formuléiert ginn. Sou gouf zum Beispill proposéiert, analog zum Avantgarde-Modell Dokk 1 zu Aarhus, Aufgabe vun der Kommunalverwaltung ze integréieren, fir datt Clienten am Aganksberäich vun de Bibliothéike beispillsweis Verwaltungsgäng vollzéien, Attestatiounen ofhuelen, Concertskaarte kafen, digital Déngschtleeschtungen an Usproch huelen oder Fundsaache kënnen ofginn. Den Transformatiounsprozess vun der renger „Bicherbibliothéik" zur moderner Déngschtleeschtungsbibliothéik schéngt hei am Land awer nach „Zukunftsmusek" ze sinn, obschonn doduerch Käschte kéinten agespuert ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi gesäit d'Madamm Minister generell d'Zukunft vun eisen Duerf- a Stadbibliothéiken? Wat fir generell Ännerunge si virgesinn, fir déi ëffentlech Bibliothéiken an Zukunft méi attraktiv fir déi breet Ëffentlechkeet ze maachen?
2) Wéi steet d'Madamm Minister zum Konzept vun der Déngschtleeschtungsbibliothéik? Ginn et hei am Land scho Bibliothéiken, déi kommunal Déngschtleeschtungen ubidden? Wann net, ass virgesinn, fir verschidde Bibliothéiken an deem Sënn ze erweideren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten